N°1539
Entrée le 19.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.11.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 19. November 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Am Joer 2020 gouf d'Evaluatioun vum 20 Joer ale CITA (Contrôle et information du trafic sur les autoroutes) ofgeschloss. Dëst huet zu der Strategie CITA 2030 gefouert. Sou sollen an Zukunft dynamesch Vitessemodulatioune a Standsträifen op den Autobunnen zu de Spëtzestonne vum Verkéier, an en dynamescht Reservéiere vu Spuere fir Busser oder de Covoiturage erméiglecht ginn. Dat ass allerdéngs vun enger Partie Erneierunge vun der Infrastruktur ofhängeg. Donieft missten d'Informatik, déi de CITA steiert an och de Genie civil ugepasst ginn.

- Ech géif dofir gäre vun der Madamm Ministesch wësse wéi wäit de Moderniséierungsprojet vum CITA fortgeschratt ass?
- Wat gesinn déi verschidden Etappe konkret vir?
- A wéi wäit ginn dës Projete vun de groussen Aarbechten op eisen Autobunne beaflosst?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo

Deputéierten